



## Eiser ,Dialekter'...

deer hu mir (no deer richteger Bedeutung) keng! Dat sinn **héchstens regional oder esouguer lokal ,Sproochfaarwen'**, mat plazeweis enger ,Bäckeschdosen' eegener Ausdréck, op déi dann dësen oder deen apaart houfreg ass, ower hoffentlech net fantaesch; et versteet ower all Lëtzebuerger jidfer Lëtzebuerger, deen däitlech an net ze haseleg schwätzt. Et muss ee just den Ënner scheed téscht dem ,Vocabulaire', plazeweis der Grammatik maachen: Sazbau, Gebrauch vun de Verben, de ,klenge' Wieder (Zäit, Ëmstänn, Conjonctiounen=Tëschewierder wéi >dacks, ni, mä, ower, dann, vill... grad ewéi sougenannt Interjektiounen) – déi sech zesoen émmer un d'Héichsprooch vun engem bestëmmten Idiom halen. **Fir dat Héichgriechesch vun de verschiddene Sproochgebräicher ze énnerscheeden, hunn d'Griechen ewell vun enger ,Koinè', dem ,klassesche' Griechesch geschwat;** deeselwechte Phenomän hu mir am ,Réimeche' mat der Héichsprooch. Mä dat hei Gespréich ass jo elo schonn zimlech gakeg getrëppelt, gelldir; mä net onintressant.

Dat ,Gemierwels' rondräüm sougenannt ,Ënnerdialekter' kann ee jo verstoen; a wann ee selwer e ,Weelzer' ass, deem d'Mondstéck do owe gewoass ass, da krut a krëtt/krätt/kréit/kritt een dat dobel mat' Grad esou geet et engem Echternoacher, Cliärwer, Veiner, Dikricher, Dauler an esou wegder. **Flott... mä dacks ,kridelschasseg'.**

Et ass och intressant, sech ze froen, firwat déi Ëlwenter vun hirer ,Frau' schwätzen, déi Schéfflenger vun enger ,Froa'; och firwat just déi ,Weelzer' hir Vokalen plazeweis zéie wéi Knätschgummi, a firwat der uechter de Réidener Kanton mengen „éent Schaund wier am Hos“. Et kann een de ,Sprooch-Schlag' am Norde vum Land an dat sougenannt ,Ripuarescht' (vu Köln erof) siche goen an eng Partie vum ,Miseler' op déi ,aner Säit'... mä **dat geet ower nach laang net duer, fir vun engem eegenen Dialekt ze schwätzen.** Do hu mir et an Däitschland ower mat ,Regiolekten' ze dinn, wou zesoe bal keen deen anere ,matkritt': e Stack-Münchener an e gewuerzelten Hamburger schwätzen deer Regiolekten, déi sech allebéid dacks, meilewáit vum Houdäitschen, énnerscheeden. Geschriwwen geet ower knapps een! Frankräich ass voller Regionaldialekten, déi sech friem sinn: Kennt Dir z.B. de Berrichon, de Gallo, de Percheron, de Bourbonnais, de Morvandiau, de Potevin? Ee Gléck also, datt de ,Point', de Figaro, de Monde asw. an enger Sprooch kommen, déi mir als dat ,Franséischt' gesinn, dat äis an der Schoul bääbruecht guff. E klengt lëschtegt Beispill nach: Hätt dir gewosst, wéi den Dialekt vu Saint-Etienne heesch?... Gagal! Et huet zimmlech laang gedauert, bis et an deene Länner – grad ewéi an deene meeschten aneren – zu enger sougenannter ,Héichsprooch komm ass, déi **dat Allerbescht fir d'Litteratur, d'Press an déi sozial Medien ass...** a genee dat ass och fir eise ,Mini- Sproochmilieu' hei zu Lëtzeburg de Fall! De Radio an d'TV, grad ewéi den SMS wäerten dofir suergen, datt dat ,Mëttellëtzebuergesch sech émmer méi ,standardiséiert'... a jiddereen deem aneren säint lauschtet a liest. ,Kollateral' helleft dat och esou ,niewebäi', datt een eis Sprooch als ,Ganzt' an der Rei kann/kënnt halen.

Et soll, bei déisen Iwwerleeungen, **ower ganz kloer gesot ginn, datt engem eis regional/lokal Sproochgebräicher a Betounungen net egal musse sinn.** Bei allem Respekt duerf dobäi net vergiess ginn, datt déi gesellschaftlech Entwicklung och op eng Evolution an deem Senn lasssteiert; dat schon eleng duerch d'Mobilitéit vun eiser Population, déi et esou soss net ginn ass. Et kann ower net dacks genuch énnerstrach ginn, datt dat muttwéilst SPROOCHGEGLADDERS vrun allem duerch déi däitschsproocheg Medien dee gréisste Problem bei deer ganzer Saach bleift; wann dir emol genee oppasst, spilli d'Franséischt dobäi némmen eng ganz butzeg Roll... et sief d'Sprooch vum Molière oder dem Albert Camus ass lech souwisou en Dar am An.

## Nei Wieder

Et hunn emol zwei ganz kompetent Linguisten, im Brutton der Überzeugung' gesot, **d'Lëtzebuergesch hätt nom ,Fixspoun' an dem ,Gromperekiewerlek' (Enn 19. Joerhonorert) keen neit Wuert méi gemaach.** Wéi Äre Schreibert geäntwert huet, dat giff net stëmmen, huet een dovun näischt anesch drop gewosst wéi ,Schoulmeeschter'... wat fir mech nach émmer eng Éier war, ass a bleift (iwregens war deem Kontrahent säi Pappes och... Schoulmeeschter). An net ze vergiessen, datt een sech (wéi ech och) aus dem ,Här Lehrer' mat den néidegen Exame konnt/kann ,eropschaffen'...

Sí! kruten deemools mat engem klenge Concours den Deckel op d'Déppé gesat, bei deem **Dosenden an Dosenden Ausdréck erauskomm** sinn, déi (och mat der Hëllef vum Alain Atten) noweisbar op d'mannst zénter 1920 entstan sinn, deemno 30 Joer nom Fixspoun/ Gromperekiewerlek. Dem Jérôme Lulling hunn ech herno domat gehollef, zu Montpellier seng Maîtrise iwwer ,Neologismen' am Lëtzebuergeschen ze maachen, wat hien eierlecherweis och am Virwuert vun senger Diplomaarbecht ernimmt huet. Mir däerfen net vergiessen, datt **d'Lëtzebuerger et duerch hir Sproche-Situatioun (ze-vill?) net liicht hunn, neie Saachen eiser Nimm ze maachen.** Dat ass natierlech keng Schan, wa keent muttwéilles ermëltzt geet, dat mir hunn!

Wann et eng Saach net méi oder némmen nach ganz rar geet, da verblatzt (wéi an alle Sproochen) d'Wuert dofir och: wësst dir z.B. nach, wat eng ,Drau' ass, oder en ,Däiwei-

vum Lex Roth



chen'? Mä ass et lech vläicht ower bewosst, datt eng ,Neelpétz' eent vun eisen neie Wieder ass; datt mir als neit Wuert de ,Bic' gehol a gehal hunn, also dem Baron Bich säi Kugelschreiber, deen néierens anesch esou ,generell' genannt geet! Op déi Fassong bluff bei äis dann och eis ,Passitt' hänken, déi just eng Mark war; wat emol e ,Lux' gewiescht ass, wëssen der net méi esou sellechen. Wann an der Zäit am Wanter Äppel op d'Uewen- oder Kachmaschinsplacke geluecht gullen, dann hunn déi lues a lues ugefaang ze juppelen; dovu kënnt eisen Ausdrock ,äppeldänzeg' fir wibbeleg/nervös... mä dat geschitt net méi, an dofir ver schwënnnt den Ausdrock. Et wier vläicht erëm Zäit, eppes an deem Senn ze ,organiséieren'.

## Sprooch-Klima

Do hate mir jo dann **elo en etlech méi schmuddeleg Deeg.** Et ass zwar net esou elle komm, wéi gesot a virebereet war, mä besser dat, wéi onverhofft erféiert ze ginn.

An eiser ,Sproocherei' sinn engem dann do och en **etlech ,wiedereg' Ausdréck agefall, déi wierklech ,EISER' sinn.** Denkt dach emol drun, datt et ,schéi gefacht' huet; datt et elle ,gefummst a gejot' huet; et huet ower net ,geklaakt', gerubbelt' a ,geknuppt', well et jo kee ,Wieder' guff; mä ,geplätscht' huet et ower éischter wéi ,gefisem(!)t', an dat dacks ,riichteran'. Dacks war ,d'Luucht zou' an et huet ee ,geschnaddert vu Keelt'... **si mir äis dann ower bewosst, wéivill typescht Lëtzebuergesch an dése Gedankegang gebraucht geet?**

## Engem e Merci ausschwätzen

Dat soll jo dem Senn no ,jemandem Dank aussprechen' heeschen... ower **dat ,ausschwätzen' ass an dësem Fall nun emol kee Lëtzebuergesch!** Iwregens ass et och am Däitschen eng Jaddermunnessesprooch; do geet dach och einfach ,jemandem gedankt', basta... a bei äis ,merci gesot'. Et kann een sech ower a jidfer Sprooch, feierlech uleeën', fir datt et besser soll maachen; e Buch geet och net besser, wann et ,verfaasst' aplaz, geschriwwen' ass, oder?

Elo ass et bei deem Saz hei uewen nun emol esou, datt dat ,ausschwätzen' am Lëtzebuergeschen ower nach eng intressant aner, an zwar negativ Bedeutung huet: wa mir engem eppes ,ausschwätzen', da wëlle mir hien dovun ofhalen, z.B. en Händelchen, eng kleng Freiesch, eng Rees asw. Dann hu mir d'Verb ,spriechen' z.B. am Fong och némme fir wann een ,helleg gesprach' geet; dofir wier et och erëm net richteg, wann een ,helleg geschwat' giff ginn. Hei kann een an dësem Zesummenhank vläicht nach drun erënneren, datt mir ower **eppe, sproochen', wa geplant ass, eppes ze kréien/kafen;** z.B. kann ee bei engem Bauer eng Ham ,sproochen', déi nach an der Solper läit; datselwecht gëllt och am Senn vun deem, wat mir haut e ,Compromis' alias ,Komprimier' nennen, also dat schrifftlech Versprieche virum notariellen Akt... et sief dann, et ,schwätz' een äis d'Saach aus... mä dat ka vläicht deier ginn!

## Wouhier kënnt ,Neies'?

**Eng NEELPÉTZ... esou eppes ass et ,an der Zäit' jo net ginn.** D'Neel guffe ,geschnidden', an dofir war d'Schéier do; dacks och eng méi kleng 'Neelschéier'. Virun enger gudder Partie Joeren ass dann déi ,Pétz' opkomm, mat deer een d'Neel méi exakt ,oppétz' ka wéi mat enger Schéier drun ze garrelen (!). Et ass äis ower knapps bewosst, datt déi ,Neelpétz' en neit Wuert an eis kleng Sprooch bruecht huet... am Fong eng typesch Iwwersetzung vum franséische ,pince à ongles' ower mat némmen zwou Silben a manner émstanterlech, gelldir.

De BIC ka vun honnert verschiddene Marken a Präisser sinn; **bei äis geet et kee ,Kugelschreiber' a kee ,stylo à bille'**; e Bic ass e Bic, an domat huet et sech. Natierlech hu et dat seng Ursach beim Baron Bich, deem seng ,Stéfter' nun emol ,Bic' geheesch hunn... deen net am Frankräich, mä bei äis hänke bliwwen ass. Bingo! ... Wësst dir iwregens, datt d'Kugel vir an de ,Bicen' bal op der ganzer Welt vu... Mamer (Ceratizit) kommen?

Mir hunn **eng ganz Schwadrull Wieder, déi vun enger Mark hier kommen** a just am Lëtzebuergeschen e Sprooch-Doheem fonnt hunn. Virum leschte Krich guff et de ,Lux'... an dat war net esou iwwel fir e ,Staubsauger, gell; a wéi ass et mam ,Frigo/Frigidär an dem ,Fréier'? Klénkt dat net op d'mannst esou heemlech wéi ,Killschaf/Tiefküller'. Nach eng kleng Fro: Wat ass e ,Képperchesrevolver'?

## Notiert iech:

D'Generalversammlung vun der ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH ass samschdes – den 28. Mäerz – um 15 Auer an eisem Veräinssätz zu IZEG, 20, Conter-Strooss (richteriuwer vun der Kierch riets erof)  
\*E Schéld weist iech dann de Wee fir eran an den Haff!\*